September 2020

# OP DE PUNKT.



KONTAKT- AN INFORMATIOUNSBLAT VUN DER CSV BIISSEN

## PRIORITÉIT FIR D'BIISSER CSV: EIS KANNER

Schonns haut gëtt et eng Waardeléscht fir an d'Crèche Margréitchen. Donieft huet de Bedreiwer vun der Maison Relais eng Etüd presentéiert, datt spéitstens an 2 Joer d'Plazen an der Maison Relais knapp ginn (an dat besonnesch an der Mëttegstonn).

Dofir hat de CSV-Schäfferot schonns verschidde Moossnamen ergraff an d'Ausschaffe vun engem Projet fir den Ausbau vun der Maison Relais lancéiert. Vum neie Schäfferot gouf dëse Projet op Äis geluecht, well, esou d'Argumentatioun vum aktuelle Schäfferot, d'Kapazitéiten nach fir zwee Joer duer ginn.

Grad an dëser Thematik ass et wichteg, datt net beim Ausschaffe vum Projet getrëndelt gëtt, well d'Instanzeweeër an d'Realisatioun laangwiereg sinn. Ëmmer méi jonk Famillje kommen op Biissen wunnen an dofir verlaangt d'Biisser CSV, datt dës Problematik eescht geholl gëtt, fir datt och weiderhin fir alle Famillje Plazen an de Betreiungsstrukture garantéiert sinn.

## ËMÄNNERUNGEN UM GEBAI VUM FRÉIERE « GRÉNGEN ECK"

Op Initiativ vum CSV-Schäfferot gouf eng Trennung vum Exploitant vum Café an dem Restaurant um Eck vun de Stroosse Route de Mersch a Route de Finsterthal an Ugrëff geholl. Dofir huet d'CSV och am Gemengerot déi baulech Ëmännerungen um Gebai ënnerstëtzt, fir e weidere Café an eisem Duerf ze erméiglechen.

Fir d'CSV Biissen ass et awer net verständlech, datt Fraisen vum Equipement intérieur (d'Kaffismachine, d'Keess, d'Telé an de Mobilier) duerch d'Gemeng an deemno duerch d'Allgemengheet gedroe ginn. Dofir huet sech d'CSV-Fraktioun am Gemengerot enthalen an de Schäfferot opgefuerdert, datt esou Apparater vum Cafésbedreiwer sollen iwwerholl ginn. Alles aneschters ass fir eis eng Concurrence déloyale vis-à-vis vun den anere Biisser a Rouschter Gastronomiebetriber.

# JO ZU ENGER MOBILER BÜN, MEE ...



D'Veräinsliewen, souwuel kulturell ewéi sportlech, dréit haut méi ewéi jee zou enger positiver an dynamescher Entwécklung vun der Biisser Gemeng bäi. Dofir ass et och wichteg reegelméisseg an neit a modernt Material ze investéieren.

Fir d'Biisser CSV stellt sech awer d'Fro, ob et an d'Zäiten, wou d'Technik ëmmer méi séier evoluéiert, ubruecht ass, dëst Material ze kafen. An der Gemengerotssëtzung vum 26. Februar ass mat de Stëmme vun der Majoritéit de Kaf vun enger mobiller Bün gestëmmt ginn.

Bäi der Präsentatioun vum Devis am Gemengerot war de Schäfferot schlecht preparéiert. Esou konnt eis net gesot ginn, wat d'Liwwere vun der Bün aus Däitschland op Biissen kascht. Och huet sech op d'Nofro vun der CSV erausgestallt, datt am Präis vun 72.100 Euro keng TVA mat drawier.

D'CSV-Fraktioun huet dogéint gestëmmt, well et wier méiglech gewiescht, bäi enger Lëtzebuerger Firma jee no Event eng ädaquat Bün ze lounen. Mir haten dozou en Devis presentéiert, woumadder d'Gemeng méi flexibel wier (bäi gläichzäiteger Garantie op bestëmmten Datumer ewéi Nationalfeierdag) an zousätzlech manner Ausgaben hätt (z.B. keng Versécherung, keng Lagerplaz, keen Entretien a keen Op- an Ofriichten duerch d'Gemengenaarbechter).

# ENG DYNAMESCH CSV-FRAKTIOUN AM GEMENGEROT

An de leschte Gemengerotssitzungen huet d'CSV-Fraktioun verschidden Themen ugeschwat:

- Reform vum RGTR-Busreseau;
- Rondpoint op der Kräizung vun der Mierscherstrooss mat der Rue de Reckange;
- Problemer (Kaméidi, Knascht) op der Grillplaz „Um Maart".

Op Ureegung vun der CSV-Fraktioun gouf vum Gemengerot d'Aktioun vun den Akafsbonge fir d'Biisser Awunner bäi de Biisser Geschäfter a Veräiner lancéiert. Dobäi gouf der CSV-Fraktioun zougeséchert, datt zum Joresenn och d'finanziell Situatioun vun de Veräiner duerch d'Corona-Pandemie géif ënnersicht ginn.

## AUS AKTUALITÉITSGRËNN: QUO VADIS SÉIEREN INTERNET?

D'Corona-Pandemie huet eis drun erënnert, datt mir um Rouscht ganz innovativ Betriber hunn, mee datt d'Kapazitéite vum Internet am Duerf nach ëmmer ze wënsche loossen. Dofir fuerdert d'Biisser CSV, datt de Schäfferot hei bäi der POST insistéiert. Déi ablacklech Leeschtung war grad an der Zäit vum Homeoffice a vum Homeschooling ongenügend.

# GOOGLE: WAT SEET D'BIISSER CSV DOZOU?



D'Biisser CSV begréisst, datt viru kuerzem d'Baugeneemegung un de Staat fir déi nei Verbindungsstrooss tëschent der N7 an dem ZAC Klengbuusbierg erausgaangen ass. Domadder gëtt eng wichteg Fuerderung vun der Biisser CSV am Kader vum Projet Google realiséiert. Mir wäerte weider dësen Dossier genee suivéieren an drop Wäert leeën, datt d'Strooss virum Ufank vum Chantier fir een eventuellen Datenzenter fäerdeg ass.

De Projet vum PAP fir den Datenzenter leit elo zënter November vir. Am Kader vun den Aarbechtssitzunge vum Gemengerot insistéiere mir, datt d'Intressie vun den Awunner an awer och vun der Gemeng Biissen berücksiichtegt ginn. Esou ass fir d'Biisser CSV zum Beispill eng Kaméidis-Etüde eng „Musse-Saach". Dat gëllt och fir aner Oploe vun de staatleche Verwaltungen ewéi zum Beispill d'Liichtverschmotzung.

Doriwwer eraus waarde mir nach op d'Garantie vum Staat a vum künftege Exploitant vum Datenzenter, wéi sech d'Interessie vun der Biisser Gemeng an dësem grousse Projet zréckspigelen. Wéini fänken endlech d'Aarbechten um Rondpoint um Rouscht bäi der Mercedes Garage un? Obschonns mir an der Phase vum PAP sinn, hëlt sech Google nach ëmmer bedeckt, wat d'Konzept vum Projet ugeet (zum Beispill den Emplacement vun den Noutgeneratoren, déi op mannst emol de Mount getest ginn).

Eréischt wann all versprachen Informatiounen um Dësch leien, wäert d'CSV-Fraktioun sech zum PAP prononcéieren. Domadder si mir an enger Linn vun eise Verspricche bäim Vote vum PAG, bäi deenen déi 2 fréier CSV-Schäffe versprach hunn, datt fir de PAP Detailer gefuerdert géife ginn.



# RÉSUMÉ FRANÇAIS

Considérant la longue liste d'attente pour la Crèche Margréitchen et considérant une étude relative à la capacité de la Maison relais, le CSV Bissen est en désaccord avec la majorité que le projet d'agrandissement de la Maison relais ne constitue pas une priorité pour le nouveau Collège des bourgmestre et échevins.



D'une part, il est salué qu'un nouveau café ouvrira prochainement au coin de la route de Finsterthal. D'autre part, il est incompréhensible que la commune entend prendre en charge les dépenses relatives à l'équipement intérieur ce qui constitue une concurrence déloyale par rapport aux autres établissements de cabaretage.
Le CSV aurait préféré de louer la scène mobile au lieu d'en acquérir. En effet, ceci aurait permis à économiser à la recette communale les frais d'assurance, d'entretien, de stockage et de montage de la scène.

En ce qui concerne le projet d'implantation d'un centre de données Google, les intérêts des habitants priment pour le CSV Bissen. C'est pourquoi le CSV Bissen ne se prononcera définitivement sur le projet d'aménagement particulier dès que toutes les informations relatives au projet sont disponibles aux édiles communaux.

La crise sanitaire COVID-19 a démontré que la capacité du réseau de l'internet ultrarapide est encore assez limitée à Bissen. C'est pourquoi le CSV Bissen invite le Collège échevinal d'intervenir d'urgence auprès de la POST pour y remédier.

Durant les récentes réunions du conseil communal, le CSV Bissen a thématisé notamment la réforme du réseau de bus, la planification d'un rondpoint à l'intersection de la route de Mersch avec la rue de Reckange ainsi que certains problèmes (bruit, déchets) sur la place de grillade „Um Maart". C'est également à l'initiative du CSV Bissen que des bons d'achat pouvant être échangés dans les magasins locaux et auprès des associations locales ont été distribués aux ménages de Bissen.

**NEWSLETTER**
**CSV BIISSEN**

**D'Biisser CSV bitt lech eng reegelméisseg Informatioun iwwert an aus onser Gemeng, an dat mat enger „Email-Newsletter". Fir dovunner ze profitéieren, braucht Dir lech just anzeschreiwen, andeems Dir eng Email op biissen@csv.lu schéckt.**

**FR** ***Le CSV Bissen vous offre une information régulière sous forme d'une Newsletter. Pour pouvoir en profiter, il suffit de nous adresser un courriel à biissen@csv.lu.***